N° 4473
Reçue le 15.07.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

Luxembourg, le 14 juillet 2021

Le Ministre de l'Économie
à
Monsieur le Ministre aux
Relations avec le Parlement

**L-2450 LUXEMBOURG**

Réf. : QP4473-02/SW-rg

**Objet**: **Question parlementaire n°4473 du 14 juin 2021 de Monsieur le Député André Bauler**

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse commune à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Pour le Ministre de l'Économie

Tom Theves
Premier Conseiller de Gouvernement

Dossier suivi par : Stéphanie Wagemans, tél : 247-88425 ; email : stephanie.wagemans@eco.etat.lu

19-21, boulevard Royal
L-2449 Luxembourg
TVA LU 158 52 112

Tél. (+352) 247-82478
Fax (+352) 46 04 48
IBLC 158 52 112

Adresse postale:
L-2914 Luxembourg

info@eco.public.lu
www.gouvernement.lu/meco
www.luxembourg.lu

126-000010-2004525-FR

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Économie, Franz Fayot, et de Madame la Ministre de la Protection des Consommateur et Ministre de la Santé, Paulette Lenert, à la question parlementaire n°4473 du 14 juin 2021 de Monsieur le Député André Bauler au sujet des masques utilisés dans le cadre de la pandémie de la Covid-19**

Um fräie Maart si Schutz Masken (z.B. FFP2 Masken), Stoff Masken an chirurgesch Maske ze fannen.

Ier d'Masken op de Marché kommen, muss den Hiersteller, respektiv den Importateur, sécherstellen, datt dës Masken all konform sinn an d'Legislatioun respektéieren.

Den ILNAS huet als zoustänneg Autoritéit fir d'Maartiwwerwaachung vu Schutz Masken a Stoff Masken :

- stëchprouwenaarteg Kontrolle vu Masken an de Geschäfter an Apdikten duerchgefouert;
- an enker Zesummenaarbecht mat der Douane Stéchprouwe vu Maske beim Import kontrolléiert;
- Maske vun zweiwelhafter Qualitéit, op déi den ILNAS opmierksam gemaach gouf, kontrolléiert.
- iwwerpréift, op Masken, déi op der Lëscht vum europäesche Schnellwarnsystem "SAFETY Gate" vun anere Memberstaaten notifiéiert goufen, och zu Lëtzebuerg verkaf goufen. Wa jo, da goufen déi néideg Mesurë geholl, fir dës Masken aus dem Marché ze zéien.

Beim Import huet den ILNAS, an Zesummenaarbecht mat der Douane, ongeféier 685.000 net konform Masken detektéiert. Bei de Kontrollen an de Geschäfter an Apdikten huet den ILNAS Verkafsverbueter fir 47 verschidde Maske Modeller ausgestallt. Dat waren ronn 450.000 Masken.

Fir net konform Maske gouf all Kéier een nationale Verkafsverbuet ordonéiert. Déi Masken, déi e seriéise Risiko duergestallt hunn, an och zu Lëtzebuerg am Ëmlaf waren, goufe vum Marché zeréckgezunn, respektiv beim Endverbraucher zeréckgeruff. Beim Import goufen net konform Masken zeréckgeschéckt, respektiv am Fall vun engem seriéise Risiko zerstéiert.

Den ILNAS huet déi aner europäesch Maartiwwerwaachungsautoritéiten, sou wéi och d'Europäesch Kommissioun, iwwert dës net konform Masken informéiert.

D'Cellule logistique vum Gesondheetsministère huet, no de villen internationale Meldunge vu Masken déi net déi néideg Filtratioun hätten, decidéiert d'Masken aus dem Stock national dem belschen ATP Test ze ënnerzéien. Dës Tester si vum belschen SPF Economie ausgeschafft gi fir z'assuréieren dass d'Masken déi néideg Schutzmesuren erfëllen, woubäi haaptsächlech d'Filtratioun vum Mask getest gëtt. Bei dësen Tester huet sech erginn dass Maske vun 2 verschiddenen Hiersteller, déi als KN95 gezeechent waren, net déi néideg Filtratioun vu 94 % erreecht hunn. Am ganzen handelt et sech dobäi em 850 000 Masken déi net den néidegen Normen entsprach hunn. Dës Maske goufe vun der Cellule logistique zréckgeruff.

De Ministère fir Konsumenteschutz këmmert sech ëm d'Kontrollen, op d'Präisser richteg ugewise ginn. Esou muss de Präis op mannst op dem Pak, der Mask oder um Regal affichéiert ginn. Am Abrëll 2020 ass de Polizist, deen dem Ministère fir Konsumenteschutz fir esou Kontrollen zu Verfügung steet, op den Terrain kucke gaangen. Hien huet eng Dosen Apdikte kontrolléiert. D'Präisser waren ëmmer esou affichéiert wéi dat och vum Code de la Consommation verlaangt ass.

De Verglach vun de Präisser kéint fir de Konsument weider vereinfacht ginn, wann de Präis net nëmme fir de ganze Pak ugewise wier, ma och fir den eenzele Mask, oder an anere Wierder fir eng Unitéit. Et

ass awer esou dass déi aktuell Gesetzgebung net virgesäit fir bei Masken nieft dem Präis vum Pak och obligatoresch de Präis vun der eenzeler Mask unzeginn.

Wat d'Präisser vun en Masken ugeet huet de Conseil de la concurrence op Ufro vum Wirtschaftsministère hin a sengem Avis N°2020-AV-02 vu Juni 2020 eng Analys vum Maart fir Masken a Gels hydro-alcooliques duerchgefouert.

D'Analyse vum Conseil de la concurrence ass an zwou Phasen erfollegt. Als éischt huet de Conseil festgestallt datt de plëtzlechen Opschwong vun der Nofro bedeit datt d'Produktioun an déi verfügbar Stocken net duergoungen, wat zu Rupturen an doduerch zu enger logescher Erhéijung vun de Präisser gefouert huet. Händler a Grossisten hu sech dunn temporär neien Versuergungsquellen zougewannt. An enger zweeter Phase gouf dunn festgestallt, datt d'global Produktioun vun Desinfektiounsmëttel a Masken erop gaangen ass, wat d'Versuergungssituatioun verbessert huet. Zur selwechter Zäit huet d'Gratisverdeelung vu chirurgesche Masken duerch d'Regierung an d'Entrée vun neie Fournisseuren um Marché - besonnesch Supermarchéen - zur Diversifikatioun vun der Offer bäigedroen an huet zu enger Senkung vun de Präisser gefouert.

Sou wéi och schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro 3506 erkläert konnt als Conclusioun vun dëser Analys vum Conseil de la concurrence festgehale ginn dass dat ufänglecht Ongläichgewiicht tëschent der Offer an der Demande, ausgeléist duerch d'Covid-Kris, erëm zeréckgaangen ass. An engem Ofstand vun engem Mount goufen am Abrëll an am Mee 2020 d'Präisser fir déi verschidde Masken analyséiert. D'Resultat war eng Baisse am Präis fir bal all analyséiert Masken. Déi gesteigert weltwäit Produktioun vu Masken an d'Verdeele vu gratis Masken hunn ënnert anerem dozou bäigedroen dass de Maart erëm séier zu enger konkurrenzieller Situatioun zeréckfonnt huet. Et konnt och kee Verdacht op anticoncurrentiel Praktiken tëschent de Betriber festgestallt ginn.